



Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1660 vum 13. Dezember 2024 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Explosions à Mont-Saint-Martin"

Fro 1

Esou wéi dem honorabelen Deputéierte Marc Goergen an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 1475 schonn erkläert gouf, huet Lëtzebuerg aktuell net mat vergläichbar grouse kriminellen Incidenten ze kämpfen. D'Regierung huet aus dem Kampf géint déi organiséiert Kriminalitéit eng Prioritéit gemaach a waert déi néideg Moyene zur Verfügung stelle, souwuel der Police, wéi och der Justiz.

An der selwechter Äntwert sinn och d'Moossnahmen detailléiert ginn, déi an der Groussregioun en place sinn, also och am Grenzraum zu Péiteng, fir d'Zesummenaarbecht vu Police a Justiz an der Groussregioun ze garantéieren.

D'Police Lëtzebuerg schafft och enk mat der franséischer Police zesummen.

Fro 2

Och hei verweist den Inneminister op d'Äntwert op d'parlamentarech Fro 1475. D'Erhéijung vun Effektiver duerch de Rekrutement vun 200 Poliziste pro Joer, deen am Regierungsprogramm festgehalten ass, wäert alle Plicedéngschter zeguttkommen an et erlabe Kommissariater opzestocken.

D'Kommissariat vun Déifferdeng daat op dräi Schichten schafft, wat och zoustänneg ass fir Péiteng, an d'Kommissariat Käerjeng/Péiteng gehéieren och dozou. Am Mee 2024 gouff d'Kommissariat Péiteng schonn duerch 2 Policebeamte verstärkt.

Dës Kommissariater kënnen zousätzlech vun anere Patrullen aus der Regioun Sud-Ouest ënnerstëtzt ginn, falls dat punktuell néideg ass.

D'Police gräift op strukturell Organisatioun an Dispositiffen zeréck, fir d'Sécherheet an d'Proximitéit zu de Bierger op alle Plazen am Land ze assuréieren.

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN